N°1379
Entrée le 24.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°1379 vun der éierbarer Deputéiert Claire Delcourt**

1. **Gouf et, ewéi et am Presseartikel ervir geet, keen offiziellt Schreiwes vun der ALVA? Wa net, wisou? Wéini gëtt d'ALVA en offiziell Schreiwes eraus?**

   An dëser Affär gouf et keent offiziellt Schreiwes vun der ALVA. Generell ass et esou, dass d'ALVA iwwert hir Aarbecht um Terrain betreffend d'Déierewuel, wou et sech em eent héichsensibelt Thema, och fir all implizéiert Acteuren, handelt, net no bausse kommunizéiert. D'ALVA wäert awer hir Kommunikatioun an dësem Beräich iwwerdenken, fir an Zukunft jee no Fall méi proaktiv ze kommunizéieren.

2. **Firwat huet d'ALVA an esou engem Fall ewéi dësem, wou ganz vill Déiere saiséiert goufen, just eng Déiereschutzorganisatioun kontaktéiert?**

   An dësem Fall war d'Unzuel vun den Déieren op der Plaz am Virfeld schwéier anzeschätzen, eréischt wéi d'Déieren erausgeholl ginn sinn, konnten se all eenzel gezielt ginn. D'ALVA kontaktéiert am Allgemengen eng Organisatioun, déi, wann se sech bereet erkläert bei enger Aktioun ze hëllefen, d'Déieren an hir Obhut hëllt a sech gegeebenefalls jee no Bedarf och mat weideren Acteure fir d'Versuerge vun den Déieren a Verbindung setzt. An dësem Fall ass d'Organisatioun nach op der Plaz, wéi d'Ausmooss vun der Unzuel vun den Déieren ze gesi war, gefrot ginn, ob fir si d'Gerance machbar wier.

3. **Wéi eng Déiereschutzorganisatiounen si wéi oft am Joer 2022 an 2023 vun der ALVA em Hëllef gefrot gi fir Déieren opzehuelen?**

   Et gëtt keng Statistik doriwwer, wéi oft déi eng oder aner Organisatioun gefrot ginn ass. Wéi eng Organisatioun kontaktéiert gëtt, hänkt haaptsächlech vun der Déierenaart of an dono, ob d'Organisatioun bei der Kontaktobnam Kapazitéit(en) huet oder net. Et kennt och vir, datt Kontakt mat enger Organisatioun opgeholl gëtt, déi dann un eng aner verweist oder selwer eng aner kontaktéiert, well se dee Moment keng Plaze fräi hutt.

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2024
(s.) Martine HANSEN
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau